N° 7057
Entrée le 25.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Während dem Ufank vun der Impfstoffhierstellung géint de Covid-19-Virus huet d'EU Kommissioun eng wichteg Roll gespillt, fir gemeinsam Commanden z'organiséieren an déi Memberstaaten zesummen ze bréngen, déi méi vun deem engen oder aaneren Impfstoff wollten hunn. Aus der Kommunikatioun vum Ministère an de Medien ass net ersiichtlech, ob Lëtzebuerg och eege Kafverträg eleng mat deene verschiddenen Impfstoffhiersteller verhandelt huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Huet Lëtzebuerg eege Kafverträg mat Covid-19 Impfstoffhiersteller ënnerschriwwen? Wa jo, mat wéi engen Hiersteller?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten